DE

BEEFORTER

Informatiounen
aus der Gemeng Beefort

N°62



/GemengBeefort
/Beeforter

www.beaufort.lu
www.beeforter.lu

Impressum

De Beeforter Nr. 62 / Abrëll 2019

Editeur: Gemeng Beefort
Redaktioun: Jos. Nerancic
E-mail: jos.nerancic@beaufort.lu
Website: www.beaufort.lu / www.beeforter.lu
Konzept a Layout : GR-ink / Jos. Nerancic
Fotoen: Jos. Nerancic, Sandra Leoni, Joëlle Renoir, Hubert Sauber, Margot Flammang, Pierre Haas, Anne Voelske, Liz Hacken, Elisabeth Meinger, Caroline Martin, Raymond Clement, Elisabeth Weber, Suzanne Ziger, Philippe feltes, Elina Zepp, Charel Faust, Roman Providukhin, Cycle 4.1, Judo-Club, Elterevereenegung, RTL.
Titelbild: Op Nummer 8 an der Rue de l'Auberge ass de Sëtz vum Natur- a Geopark Mëllerdall. Foto Jos. Nerancic

Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.

Drock: Imprimerie de l'Est, Echternach – gedréckt op recycléiertem a FCS zertifiéiertem Pabeier
Oplag: 1.350

Redaktiounsschluss fir den nächsten "De Beeforter": 23. Juni 2019

Vun 916 op 2.816

Den 28. Februar huet de Statec een demografeschen Atlas publizéiert an den Dag drop gouf vill iwwert d'Gemeng Beefort geschriwwen a geschwat. D'Zuel vun den Awunner hei zu Lëtzebuerg ass vun 364.597 am Joer 1981 op 602.005 am Joer 2018 gestiegen. Dat ass een Zouwuess vu 65 Prozent. Déi Gemeng, déi an deem nämmlechten Zäitraum gewuess ass, heescht Beefort an dat mat 207,42 Prozent: vun 916 op 2.816 Awunner.

Fir de Wuesstem opzefänken an ze meeschtere si grouss Investitiounen néideg. Zum Deel sinn d'Aarbechten an d'Infrastruktur schonns ofgeschloss an zum Deel ass een amgaange mam Schaffen ewéi zum Beispill mam neie Waasserbasseng op der Heed. Wéi sech d'Duerf an de leschte Joren entwéckelt huet, dat kritt ee bei gréisser Manifestatioune mat wa Leit aus dem ganze Land an iwwert d'Grenzen eraus no laanger Zäit rëm op Beefort kommen. De grousse Wuesstem bleift net ouni Konsequenzen, déi sech an de verschidde Beräicher bemierkbar maachen. Gläichzäiteg erlieft och d'Gesellschaft ee Wandel an et ass net méi sou wéi et war.

Et ginn ënnerschiddlech Grënn firwat d'Leit sech hei néierloossen an uschléissend déi verschidde Etappe matmaachen: Ugemellt sinn zu Beefort, wunnen zu Beefort a liewen zu Beefort. Et kënnt awer net seele vir, datt fir eng Rëtsch Leit no der éischter oder zweeter Etapp d'Liewen an enger anerer Gemeng oder anerem Land weider geet. D'Gemengen- a Veräinsliewen erliewen ee permanente Wandel, mat all senge Vir- an Nodeeler. Nëmmen zwee Beispiller erausgepickt: Den Äishockeyclub hat bei sengem leschten Heemmätsch iwwer 550 Zuschauer a wéinst Manktem un aktive Leit fält fir d'éischte Kéier zanter iwwer 40 Joer d'Schlassfest aus.

D'Ursaache fir dës Entwécklunge si villfälteg. Nieft der bekannter Problematik am Bénévolat (Zäitgrënn, Motivatioun) fält et awer op, datt et fir vill Leit selbstverständlech ass, datt jiddereen alles weess. Regelméisseg kritt een ze héieren "Dat war ëmmer sou an dat weess een" an d'Reaktioun ass oft "Ah sou?".

Een Deel vun der Léisung ass matenee schwätzen a kommunizéieren. Hautdesdaags geet et net méi duer sech beim Wiert auszetauschen. Wa sech beispillsweis eng 500 Leit aus dem Duerf wärend der Woch an de verschidde Caféen, Restauranten an aner Plazen austauschen, dann ass dat bei wäitem net dat ganzt Duerf. Bal dat fënneffacht ass vun der Diskussioun/Informatioun "ausgeschloss". Net jiddereen huet Zäit a Loscht fir owes eppes ze ënnerhuelen an dat misst och verständlech sinn. Duerch eng massiv an aktiv Präsenz an de soziale Medien huet et den Äishockeyclub fäerdeg bruecht mat neien Iddie banne puer Méint eng positiv Dynamik am Veräin ze entwéckelen an et bleift ze hoffen, datt et sou och weidergeet.

Stéchwuert sozial Medien. Ëmmer méi Leit reagéieren souwuel positiv an negativ op Beiträg vun de Säite beaufort.lu a beeforter.lu mat hire Facebook-Säiten. Beaufort.lu gesäit zanter bal engem Joer nei aus a gëtt reegelméisseg ausgebaut. Des Weideren huet den Internetsite och een Agenda a Veräiner kënne sech roueg melle fir op dëser Plaz hir Aktivitéiten ugekënnegt ze kréien. Dëse Service ass gratis mee do misst awer och d'Initiative an de Reflex vun de jeweilege Verantwortlech kommen.

Sozial Medien ass een Deel vun der Kommunikatioun. De Gemengebuet "De Beeforter" gehéiert och dozou an et wier wënschenswäert wa sech nach méi Veräiner géifen aktiv bedeelegen. Beaufort.lu a beeforter.lu mat hire Facebook-Säiten an "De Beeforter" sinn eng gemeinsam Plattform fir d'Neiegkeeten an Informatiounen ze verbreeden.

Déi meescht Leit hu schonns bestëmmt eppes vum Natur- a Geopark Mëllerdall héieren. Deen huet säi Sëtz hei zu Beefort. Wat dat ass, wéi eng Gemenge mat dra sinn, u wéi enge Projete geschafft gëtt a wie fir wat zoustänneg ass, dat gëtt een ënner anerem an dëser Nummer gewuer.

Jos. Nerancic

GEMEINDE

GEMEINDERATSITZUNGEN

Sëtzung vum
13. Februar 2019

Ordre du jour

Mitteilung des Schöffenkollegiums

1. Genehmigung verschiedener Einnahmen
2. Genehmigung eines Supplementarkostenvoranschlags betreffend Bau eines Trinkwasserbehälters in Befort
3. Genehmigung eines Planes betreffend Parzellierung eines Grundstücks in Dillingen “In der Hausselt”
4. Genehmigung eines Mietvertrags
5. Beschlussfassung betreffend Änderung eines Mietvertrags
6. Beschlussfassung betreffend Darlehensgarantie bei der BCEE für das Syndicat d’initiative et du tourisme
7. Beschlussfassung betreffend Mitgliedschaft in der Gesellschaft “Wandpark Mëllerdall s.a.”
8. Beschlussfassung betreffend Erarbeitung eines Wärmenutzungskonzepts im Rahmen des Projektes “LIFE-IP ZENAPA Bioenergiedorf (Smart Climate Village)”
9. Gewährung von Subsidien an auswärtige Organisationen

Verschiedenes

Präsenzen (8/9): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Lily Scholtes an Emile Wies (Schäffen); Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn, Cindy Pereira, Marie-Ange Marson a Sandra Levy (Gemengeréit).

Georges Rischette (Gemengesekretär).

Entschëllegt: Jean-Luc Nosbusch

Virum éischte Punkt huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann matgedeelt, datt de Budget vum Inneministère approuvéiert gouf an esou déi geplangte Projete kënnen ugepaakt ginn. Sämtlech Décisioune goufen eestëmmeg ugeholl.

Punkt 1: Den Total beleeft sech op 1.383.668,39 Euro.

Punkt 2: D’Aarbechten um neie Waasserbaséng op der Heed hunn an der Tëschenzäit ugefaangen a beim Plange gouf Plaz eng drëtt Cuvée virgesinn. Dës Aarbechte ginn elo virgezu fir spéider onnéideg Käschten ze vermeiden. De Supplément vun der drëtter Cuvée beleeft sech op 339.300 Euro.

Punkt 3: D’Parzelléierung vun engem Terrain läit an der Montée Hondsbierg

Punkt 4: D’Gebai a Fro läit op Nummer 60, route de Haller zu Beefort.

Punkt 5: Ugepasst gouf de Kontrakt mat der Spuerkeess, déi d’Gebai op Nummer 1, op der Kummel nach ëmmer lount.

Punkt 6: De Syndicat d’initiative et du tourisme hëlt ee Prêt vun 1.000.000 Euro op an d’Gemeng biergt fir ee Betrag vun 700.000 Euro.

Punkt 7: An der Gesellschaft “Wandpark Mëllerdall s.a.” sinn d’Gemenge Beefort, Bech, Berduerf, Konsdref, Hiefenech a Waldbëlleg virgesinn. D’Entreprise wäert eng Étude maache fir ze kucken op ee Wandpark an deene Gemenge méiglech ass an engems gëtt d’Wirtschaftlechkeet vun de Wandmille gepréift. Gemeng Beefort bedeelegt sech un der Grënnung an de Käschtepunkt beleeft sech an der éischte Phase op 45.000 Euro.’Gebai

Punkt 8: Gutt geheescht gouf dee vun der EU finanzéierte Projet an dës Étude ass fir d’Gemeng gratis.

Punkt 9: Folgende Veräiner gouf ee Subsid zougesprach: Alzheimer 25 Euro, Aide aux enfants handicapés 25 Euro, Hondsstaffel vum CGDIS 25 Euro, Pompjeeën Ostregioun 125 Euro, Caritas 25 Euro, Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung & La Canne Blanche 25 Euro. Des Weidere ginn nach 560 Euro un d’Association internationale des Beaufort iwwerwisen.

Ënner “Verschiddenes” goufe folgend Themen ugeschwat: d’Situatioun vun de Waasserbaséngen um Cloosbierg an op der Heed, Schnéibotzen an der Schleef an um Trottoir am ganzen Duerf, een Auto ouni Nummereschëlter an der Härewiss an d’Offlossbecken an der Härewiss.

VENTE AUX ENCHÈRES DE BOIS DE CHAUFFAGE POUR LA POPULATION LOCALE

Samedi, le 18 mai à partir de 10.00 heures

L’administration communale de Beaufort procédera à la vente aux enchères de bois de chauffage au lieu-dit: «Kréiwenkel» direction Beaufort à Grundhof.

Parking : C.R. 364 Beaufort-Grundhof / départ Auto-Pédestre (Pavillon)
(suivre les panneaux « HOLZSTEE »)

+/- 70 stères de bois de chauffage de hêtre (bois empilés)
+/- 8 stères de bois de chauffage de chêne (bois empilés)

Les bois vendus sont entreposés le long d’un chemin forestier garantissant une bonne accessibilité avec tout genre de voiture.

Prix de base : 45 euros/stère (bois empilés)
Sur tous les produits : 8 % TVA

****
A partir de 12.00 heures:
Casse-croûte en forêt
****

L’administration communale se réserve le droit de demander une caution ou le paiement au comptant.
La vente aux enchères se déroule en conformité avec:
- Le cahier général des charges du 16 décembre 1932
- Le règlement grand-ducal du 6 janvier 2002 concernant les règles applicables aux travaux d’exploitation, de culture et d’amélioration ainsi qu’aux ventes dans les bois administrés.

N.B. les bois cédés sont destinés à un usage privé et ne font pas l’objet d’un commerce

Beaufort, le 6 mars 2019

Le collège des bourgmestre et échevins,

Camille Hoffmann Lily Scholtes Emile Wies


EE WÄITE WEE FIR D'WAASSER

De gréissten Deel vun der Äerdoberfläch, ronn 71 Prozent, ass mat Waasser bedeckt, an iwwer 97 Prozent dovunner befanne sech als Salzwaasser an de Weltmierer. De Rescht gëtt als Séisswaasser bezeechent an et fënnt een et an den ënnerschiddleche Formen ewéi Wolleken, Reen, Schnéi, Flëss, Baache Séien, Grondwaasser a Gletscher (iwwer zwee Dréttel). Knapp een Dréttel vum Séisswaasser oder manner ewéi ee Prozent vum weltwäite Waasser also ka vun de Mënsche benotzt ginn. Dat sinn nieft den iwwer 600.000 Awunner zu Lëtzebuerg nach weider 7,6 Milliarde Mënschen op der ganzer Welt. Spéitstens zanter den Onwiederen am Juni d'lescht Joer wësse mer, datt et net selbstverständlech ass, datt proppert Drénkwaasser aus dem Krunn leeft wann een deen opdréint.

Um Gebitt vun der Gemeng Beefort ginn et dräi verschidde Waasserréseauen, déi allerdéngs net matenee verbonne sinn: Grondhaff, Déiljen a Beefort. All Uertschaft huet säin eegene Circuit mat eegene Quellen. De Waasserbasseng vum Grondhaff ass mat zéng Kubikmeter de klengsten an der Gemeng. Des Weidere ass de Grondhaffer Réseau mat der Quellefaassung vum Cloosbierg verbonnen a kéint am extremen Noutfall Waasser vun do kréien. Eigentlech ass d'Quellefaassung vum Grondhaff an engems ee Basseng a vun hei geet d'Drénkwaasser an de Réseau eragelooss a beliwwert de ganze Grondhaff, och den Deel op der anerer Säit vun der Schwaarzer Iernz, deen zu der Gemeng Bäerduerf gehéiert.

Déiljen kritt Waasser aus de Quelle vum Cloosbierg an hei ginn direkt dräi Quellen ugezaapt. Dës Quelle leien net wäit ewech vun de Quelle vum Grondhaff. D'Waasser aus dëser Quellefaassung mat engem Basseng vun zwielef Kubikmeter gëtt an de Basseng an der Montée Hondsbierg weidergeleet, vu wou aus et an der ganzer Uertschaft verdeelt gëtt. E puer Haiser iwwert dem Waasserbasseng um Hondsbierg (300 Kubikmeter grouss) kréien hiert Waasser net vum Cloosbierg mais vun aner Quelle vun Déiljen, déi allerdéngs net der Gemeng Beefort gehéieren. Siwe Quellen huet d'Stad Dikrech am Joer 1924 vun der Gemeng Beefort, Sektioun Déiljen, ofkaf an haut nach ëmmer kréien ee groussen Deel vun den Awunner zu Dikrech Waasser vun Déiljen. Déi Waasserleitung fir op Dikrech leeft nieft der Nationalstrooss 10. Gemeng Beefort keeft also den Dikrecher Waasser of fir et un déi Awunner zu Déiljen ze verdeelen, déi esou héich wunnen, datt déi Cloosbierger Quellen net genuch Waasserdrock opbaue kënnen. Interessant ze wëssen: Eng Leitung geet ënnert der Sauer op der aner Säit eriwwer an hei gëtt de Pölsenhof mam Waasser vum Cloosbierg alimentéiert.

Beefort kritt säi Waasser aus de Quelle beim Schiessentümpel an der Gemeng Waldbëlleg. Dat Waasser leeft ongeféier eng véier Kilometer bis op d'Pompelstatioun Vugelsmillen. Dräi Pompele suergen dofir, datt Waasser an de Waasserbasseng am Kazewee (rue Belair) op der Heed gepompelt gëtt. Dat si siwe Kilometer an eng 200 Meter Héichtenënnerscheed. De 27. Februar 1975 gouf eng Konventioun mat der Gemeng Waldbëlleg ënnerschriwwen, datt d'Gemeng Beefort während 50 Joer Waasser bei hinnen ofkafe kann. Deemols gouf et als zweet Standbeen vun der Waasserversuergung zu Beefort gesinn. Zu där Zäit hat Beefort seng eege Quellen zu Beefort an zwar "an der Huschbaach" a



Dëst ass eng drastesch vereinfacht schematesch Duerstellung vum Waasserréseau an der Gemeng Beefort. D'Distanzen, d'Héichten an d'Proportiounen entspriechen net de Fakten um Terrain.

“Schneddeschbur”. D’Analysen haten erginn, datt een ëmmer méi héijen Nitratgehalt am Drénkwaasser virfonnt gouf. An där nämmlechter Era gouf an der Landwirtschaft de Schwéierpunkt op Monokulture (Mais a Raps) geluecht an et koum zu enger Iwwerbelaaschtung duerch Onkrautvernichter. D’Waasser aus dem Mëllerdall hat een am Ufank geholl fir et mam Beeforter Waasser ze mëschen mais dat ass mat der Zäit net méi duergaangen. Et koum souwäit, datt een déi Beeforter Quellen huet missen zoumaachen. Dat ass de Grond firwat Beefort hautesdaags ausschliisslech Waasser aus dem Mëllerdall kritt.

Am Ausgank vu Beefort Richtung Reisdorf entsteet op der rietser Säit een neie Waasserbasseng mat dräi Cuve vu jeeweils 400 Kubikmeter. Zwou Cuve si fir Beefort bestëmmt an eng fir een interkomunale Projet bei deem eng komplett nei Waasserleitung vum Cloosbierg iwwer Beefort, Reisduerf a Bettenduerf op Dikrech geluecht gëtt. Dës Leitung wäert déi aktuell Leitung laanscht d‘N10 ersetzen. Reisduerf a Bettenduerf kéinten dee Moment och ugeschloss ginn.

Beefort gëtt ëmmer méi grouss an esou muss een elo schonns d’Infrastrukture fir déi kommend Joren upassen. Den urspréngleche Devis vum Projet op der Heed mat zwou Cuve beleeft sech op 2.895.750 Euro an hei war schonns Plaz fir eng drëtt Cuve virgesinn. Fir zum spéideren Zäitpunkt Käschte bei der Installatioun vun der drëtter Cuve ze spuere gouf an der Gemengerotssëtzung vum 19. Februar dëst Joer décidéiert beim Bau vum Gebai déi drëtt Cuve direkt mat ze integréieren. Zousätzleche Käschtepunkt: 339.300 Euro.

Dëse Waasserbasseng ass ee Puzzlesték an der laangfristeger Planung fir an der Gemeng Beefort ee gemeinsamt, zesummenhängend an onofhängegd Waassernetz ze hunn. Sou wéi fréier wäert een dann erëm een zweet Standbeen bei der Waasserversuergung hunn.

Zur Zäit gëtt um Cloosbierg eng modern Waasseropbereedungsanlag gebaut an de Réibau ass schonns fäerdeg. Den Devis beleeft sech op 719.550 Euro an da kommen nach d‘Käschte fir de Kaf vum Terrain bäi. Dës Statioun huet eng UV-Anlag fir d‘Bakterien an aner Substanzen aus dem Quellewaasser ze éliminéieren an am Noutfall wier hei och eng Chloréierung méiglech. De Projet Waasseropbereedungsanlag gouf vun der Gemeng Beefort schonns virun e puer Joer op de Wee bruecht a war sougutt ewéi ofgeschloss. Bedéngt duerch d’Onwiederen an de Schued am Anzugsgebitt vun de Quellen d’lescht Joer kruut dëse Projet absolut Prioritéit a gouf vum Waasserwirtschaftsamt iwwerholl. De Projet gëtt lo och vun hinne koordinéiert, finanzéiert an et gëtt gerechent, datt d’Anlag nach dëst Joer fäerdeg gëtt.

Aktuell gëtt Chlor an d’Drénkwaasser fir de Grondhaff an Déiljen zougefügt. Dëst wier net onbedéngt néideg an et ass just eng Sécherheetsmoossnam. D’Chloréierungsanlag braucht Stroum, deen et awer op den zwou Plaze net gëtt. Eng Solaranlag steet iwwert dem Basseng vum Grondhaff a bei der Quelefaassung um Cloosbierg suergt eng Stroumbatterie, datt d’Chloréierungsanlag funktionéiert. D’Batterie gëtt all Woch ersat an nei opgelueden a bei där Geleeënheet gëtt de Reschtchlorgehalt an den zwee Réseaue gemooss an iwwerwaacht.



D’Pompelstatioun op der Vugelsmillen.



Dräi Pompele garantéieren, datt Beefort mam Waasser aus dem Mëllerdall versuergt gëtt.

An Zukunft sollen de Grondhaff an Déiljen dat mat modernste Mëttelen traitéiert Waasser vun der Opbereedungsstatioun kréien. Anengems ginn nei Leitunge geluecht fir déi al an altersschwaach Eternit-Leitung ze ersetzen. Si ass immens empfindlech op Drockschwankungen an doduercher kënnt et regelméisseg zu Rëss a Fuiten.

Quellen am Dillinger Bierg gi vill Waasser an dowéinst gi se geholl fir iwwert déi nei Waasseropbereedungsanlag den neie Waasserbasseng op der Heed ze speisen. Doduercher wäert Beefort eng gréisser Onofhängegkeet zu de Quellen aus dem Mëllerdall hunn a wier bei enger Katastrof ewéi am leschte Joer ofgeséchert. Et huet net vill gefeelt, dann hätt Beefort fir eng onbestëmmte Zäit kee Waasser gehat. Bei den Iwwerschwemmungen am Mëllerdall huet sech Buedem virun der Aganksdier vun der Pompelstatioun gesammelt an d’Waasser gouf doduercher ëmgeleet. D’Waasser huet manner Drock ausgeübt an esou konnt d’Dier der grousser Belaaschtung standhaalen.

Den neie Basseng op der Heed wäert wéi den aktuelle Basseng, deen 200 Kubikmeter faasst an op enger Héicht vun 410 Meter läit, Hydrophoren hunn. Een Hydrophor ass een Drockverstäerker. Den aktuellen Hydrophor regelt den Drock an de Leitungen op der Heed, an der Eppelduerfstrooss bis bei d’Klaisgen-Kapell. Haiser vun dëser Plaz un a bis d‘ënnescht Duerf (ë.a. Härewiss a rue du Château) kréien ebenfalls Waasser aus dësem Basseng.

Um Fléibierg steet ee moderne Basseng vun 250 Kubikmeter, deen 2011 ageweit gouf an op enger Héicht vun 375 Meter läit. Hie kritt Waasser vun der Heed a seng Aufgab ass et Waasser am ënneschten Duerf ze bréngen an den Drock am Duerf ze regelen. Duerch de groussen Héichtenënnerscheed géif de Basseng op der Heed een ze groussen Drock opbauen an doduerch géife bei den Awunner ënnen am Réseau d‘Waasserinstallatiounen platzen. Sou gesinn huet Beefort dräi Circuiten. Dëst sinn och e puer Erklärunge firwat et zu Beefort kee Waassertuerm gëtt wéi an de Gemenge ronderëm.

Wéivill Waasser hei zu Beefort verbraucht gëtt a wat mat dem verbrauchte Waasser geschitt, dat gëtt an der nächster Nummer vum “De Beeforter” beschriwwen. Donieft kommen nach aktuell Fotoe vun de verschidde Schantercher bäi.





D'Quellefaassung mam Waasserbasseng fir de Grondhaff huet ee Volumen vun zéng Kubikmeter a gouf 1984 erbaut. Uewendriwwer ass eng Solaranlag fir d'Chloréierungsanlag.





Dräi Quelle ginn um Cloosbierg ugezaapt an dës Waasser geet virun op den Hondsbierg geleet. An Zukunft leeft d'Waasser iwwert eng Opbereedungsstatioun an dem Hondsbierg op Beefort an den neie Basseng op der Heed.





Um Cloosbierg gëtt et och eng Chloréierungsanlag an där hir Batterie gëtt all Woch gewiesselt. Vum Cloosbierg kënnt d'Waasser an de Basseng um Hondsbierg zu Déiljen.





All Woch gi Waasserprouwe vu verschiddene Plazen am Waasserréseau zu Déiljen an um Grondhaff geholl. Gemooss gëtt de Reschtchlorgehalt.





D'Waasser aus dem Mëllerdall kënnt an de Basseng op der Heed (Foto lenks). De Basseng um Fléibierg (riets) versuergt den énneschten Deel vum Duerf mat Waasser a reguléiert den Drock an de Leitungen.





De Waasserbasseng um Fléibierg gouf 2011 ageweiht an ass de modernste Basseng an der Gemeng. Aus der lénker Leitung kënnt d'Waasser vun der Heed an d'Cuve a riets geet d'Leitung an d'Duerf.





Um Cloosbierg entsteet eng modern Waasseropbereedungsanlag fir d'Quelle vum Cloosbierg. Enn des Joer wäert se fäerdeg sinn a wäert fir eng ausgezeechent Waasserqualitéit suergen.





Den neie Waasserbasseng op der Heed. Dëse Projet vun iwwer dräi Milliounen Euro gehéiert zum Häerzstéck vum zukëftege Waasserréseau an der Gemeng Beefort, deen och eng interkomunal Aufgab wäert iwwerhuelen.

REPORTAGE

VANDALISMUS A SCHMIEREREIEN

Eigentlech ass ee frou wann an de Medien an de soziale Netzwierker vu Beefort geschwat gëtt. Allerdéngs nët an dësem Fall. De 24. Januar konnt een dat ganz Ausmooss vun de(m) sougenannt(e) „Möchtegern-Kënschtler" gesinn. Eng Rëtsch Verkéiers- a Hiweisschëlder, d'Mauer vum Kierfecht, Bushaisercher, de Kiosk, Bänken a Dreckskëschten goufe mat "Graffiti" beschmiert.

Am Fong geholl ass et een Hohn fir et als "Graffiti" ze bezeechnen well Graffiti eigentlech Konscht ass. An de leschte Jore koum et schonns zu Vandalismus an dat gouf a verschidde Reportagen ernimmt. Erënnere mer kuerz op d'Zerstéierung vun de Beem virun zwee Joer tëschen dem Aleweier an dem Kléngelbour an eng sechs Méint méi spéit Schmierereien un de Fielse bei der Picknickplaz Kippiglay. D'Meldung op der Facebook-Säit gouf bal 600 Mol gedeelt an 250 Mol kommentéiert.

Op jidde Fall gouf eng Plainte gemeet an et hofft een, datt an Zukunft méi positiv Nouvellen aus Beefort kommen.

Och am Januar an an de Woche méi spéit ginn um Kierfecht regelméisseg Blummen, déi op de verschidde Griewer leien, aus hirem Dëppen erausgerappt oder ginn einfach geklaut. Onnëtz ze soen, datt dat och strofbar ass.



















NEI BRÉCK TËSCHE BEEFORT AN HALER

Zanter den Onwiedere vum 1. Juni d'lescht Joer ass d'Strooss tësche Beefort an Haler gespaart well d'Maueren op der Beeforter Säit komplett ewechgeschwemmt goufen an ee groussen Deel vum Gewölbe erausgerappt gouf. D'Halschent vun der Strooss ass och do zesummegefall.

Aus den Archive vun de Ponts et Chaussées geet ervir, datt d'Bréck aus dem Joer 1893 ass an zanterdeem normal ënnerhale ginn ass. Bei de regelméissegen Inspektioune goufe Setzungen a Rëss festgestallt. D'Mauere waren deelweis ënnerschwemmt an hu sech no baussen gedréckt. De Service regional huet op der Haler-Säit ee groussen Offloss gebaut fir d'Waasser vun der Strooss kontrolléiert ofzeleeden a soumat Erosiounen ze verhënneren.

Déi nei Bréck, déi elo gebaut gëtt, ass ee Cadre fermé aus arméiertem Beton a wäert rëm ee Gewölbe hunn. Dat ganzt Bauwierk gëtt och erëm mat Mauerwierk verkleet. Uewe kënnt ee Foussgängerwee bäi fir déi zwee Wanderweeër mateneen ze verbannen. Déi nei Bréck huet eng Längt vun ongefeier 20 Meter, eng Héicht tëschen 2,75 a 3,30 Meter an eng Ouverture vun 3,10 Meter.

D'Fondatioune vum Bauwierk gi bis bei Fligelmauere verlängert an eng Bèche soll verhënneren, datt dat Ganzt net méi ënnerschwemmt ka ginn. Dat ganzt Bauwierk läit och nach méi déif ewéi virdrun.

D'Aarbechte wäerte fir Mëtt Juli fäerdeg sinn an de Käschtepunkt läit bei ongefeier 1.350.000 Euro (TTC).













NATUR- A GEOPARK MËLLERDALL


(Foto: Pierre Haas)

Wat ass een Naturpark? Villäicht ass et am einfachsten domat unzefänken, wat een Naturpark net ass. Een Naturpark ass net ze verwiessele mat enger grousser Naturschutzzon, wou iwwerall Schëlter stinn, datt een net dierf bis era goen. Déi dräi Lëtzebuerger Naturparken, Öewersauer, Our a Mëllerdall hunn zwar Schëlter laanscht d'Strooss stoen, déi engem matdeelen, wéini een an den Naturpark erafiert. Des dengen der Informatioun a sollen een op kee Fall dovun ofhalen, spadséieren ze goen.

Wat huet elo d'Gemeng mam Naturpark ze dinn? Ganz einfach: Een Naturpark ass een Zesummeschloss vu Gemengen an dem Staat (Gemengesyndikat) fir d'Regioun nohalteg weiderzëentwéckelen.

Nëmme Regiounen, déi een eenzegaartegt Natur- a Kulturierwe besëtzen, kënnen Naturpark ginn. D'Naturparke förderen den nohaltegen Ëmgang mat dësem Ierwen an énnerstëtze gläichzäiteg déi wiertschaftlech a soziokulturell Entwécklung. Doriwwer eraus stäerkt den Naturpark déi regional Zesummenaarbecht a bitt eng ideal Plattform fir grenziwwerschreidend Projeten.

D'Ziler vun engem Naturpark

D'Ziler, déi d'Naturparke verfollegen si villfälteg. Et geet net nëmmen drëm, d'Landschaft ze schützen an ze erhalen, mee d'Regioun am Ganzen nohalteg ze entwéckelen. Dëst bedeit, sech op ökologeschem, ekonomeschem a sozialem Niveau ze engagéieren, andeems beispillsweis verschidde Projeten ëmgesat oder fachlech Berodungen offréiert ginn. Esou kënnen si ënnert anerem regional Produzente mat hirem Know-How aus deene verschiddene Beräicher (Produktioun, Vermaartung, Presentatioun) énnerstëtzen.



Virun allem awer hunn d'Naturparken ee positiven Impakt op d'Liewensqualitéit an der Regioun an adresséieren sech ganz besonnesch un d'Awunner. Esou ginn eng Partie Atelieren, Wanderungen, Kanneraktiviteiten, awer och grouss Evenementer iwwer d'Joer verdeelt vun den Naturparken organiséiert. Ee Naturpark huet deemno vill méi ze bidden, wéi een ufanks villäicht mengt.

De Geopark

An engem Geopark gëtt déi besonnesch Geologie vun enger Regioun énnerstrach. Et gëtt gewisen, wéi Landschaften entstinn, wéi eng Zorte Gestengs am Ënnergrond virkommen a wéi d'Geologie an déi verschidde Biedem d'Notzung vum Land säit der Steenzäit beaflossen. Iwwerdeems gëtt och gewisen, wéi a firwat d'Geologie mam Drénkwaasser zesummen hänkt. Dëst gëtt op verschidde Manéieren ëmgesat. Esou fënnt ee beispillsweis Informatiounsschëlter op besonnesch interessante Plazen. Doriwwer eraus gi regelméisseg geféiert Wanderungen an eng Partie aner Evenementer ugebuede fir d'Wëssen zur Geologie vun der Regioun weiderzeginn. Gläichzäiteg gëtt an engem Geopark de Schutz an d'Notzung vu besonnesche geologesche Plazen, sougenannte Geotopen, gefërdert. Esou dréit de Geopark dozou bäi, déi regional Wirtschaft beispillsweis am touristesche Beräich ze stäerken.

Den Natur- a Geopark Mëllerdall

Den Natur- a Geopark Mëllerdall ass dee jéngsten am Bond vun de Lëtzebuerger Naturparken. Hien ass eréischt 2016 gegrënnt ginn, huet awer gläichzäiteg déi héchsten Unzuel u Gemengen. Ganzer eelef Gemengen hunn sech am Mëllerdall zesummegeschloss fir gemeinsam d'Regioun nohalteg ze entwéckelen: Beefort, Bech, Bäerdref, Konsdref, Iechternach, Fëschbech, Hiefenech, d'Fiels, Noumer, Rouspert-Mompech a Waldbëlleg.

Ee wichtege Bestanddeel vum Natur- a Geopark Mëllerdall ass déi immens Geologie vun der Regioun, déi bis wäit iwwer d'Grenze vu Lëtzebuerg eraus bekannt ass a bewonnert gëtt. Dofir huet de Mëllerdall och den Zousaz Geopark. Viru Kuerzem ware Vertrieder vun der Unesco am Mëllerdall op Besuch an hunn eiser Regioun ee grousst Luef zougeschwat. Leider ass d'Kandidatur fir ee vun der Unesco unerkannte Global Geopark ze ginn net zréckbehale ginn. An der Regioun ass awer grousst



Potenzial gesi ginn, sou datt elo schonn dat Bescht gemaach gëtt fir eng nei Kandidatur eranzereechen. Nieft dem Lëtzebuerger Sandsteen prägen eng sëlleche Bongerten d'Landschaftsbild. De Mëllerdall ass einfach eng aussergewéinlech a faszinéierend Regioun, déi jiddereen ze begeeschtere weess.

Verschidde Beräicher

Den Natur- a Geopark Mëllerdall beschäftegt sech besonnesch mat de folgenden sechs Leitthemen:

Drénkwaasser


(Foto: Anna Voelske)

D'Regioun Mëllerdall gëtt zu engem groussen Deel iwwer eege Quellen mat Drénkwaasser versuergt. Dohier ass et immens wichteg d'Qualitéit vum Drénkwaasser ze sécheren. Doriwwer eraus ass och d'Waasserqualitéit vun eise Flëss a Baache vu grousser Bedeitung. Dowéinst setzt sech den Natur- a Geopark Mëllerdall fir de Schutz vum Grondwaasser an allen aneren Gewässer an.

Wëssen



Wëssen iwwer d'Regioun ze sammelen, opzebereeden a weiderzeginn gehéiert zu den Haaptaufgaben vun enger regionaler Entwécklung. Den Natur- a Geopark Mëllerdall mecht dëst am Bezuch op Flora a Fauna, Geschicht a Kultur oder och Handwierk an Architektur ënnert anerem duerch seng Villzuel un Atelieren a Coursen. Déi komplett Offer fannt een am Aktivitéitebichelchen "Eisen Naturpark! Fir jiddereen eppes dobäi!", op www.naturpark-mellerdall.lu oder op der Facebook-Säit.

Holz


(Foto: Elisabeth Medinger)

An der Regioun Mëllerdall läit de Bësch-Undeel iwwer dem nationalen Duerchschnëtt vu 34 Prozent. Holz aus den eenheemesche Bëscher ass domat eng bedeitend regional Ressource. Den Natur- a Geopark Mëllerdall ënnerstëtzt eng verantwortungsvoll Notzung a regional Veraarbechtung vum Holz.

Regional Produiten


(Foto: Carolin Martin)

Regional Produite sinn ee wichtegt Element vun enger lokaler a nohalteger Wirtschaft. Si stinn doduerch och symbolesch fir d'Iddien vum Naturpark. Dowéinst fërdert den Natur- a Geopark Mëllerdall d'Produzenten bei der Entwécklung an dem Ofsaz vu regionalen Produite.


(Foto: Pierre Haas)

Villfälteg Landschaft

Eng ofwiesslungsräich Landschaft ass net just vun héijer Bedeitung fir den Naturschutz, mee si dréit och staark zum Wuelbefannen an zur Liewensqualitéit vun den Awunner an den Touristen bäi. De Natur- a Geopark Mëllerdall setzt sech dofir an, dës Vilfalt ze erhalen.

D'Regioun liewenswäert maachen

Eng propper Ëmwelt förderen, Liewensqualitéit erhalen a verbesseren an alleguer déi uewe genannten Aspekter maachen eng Regioun liewenswäert a ginn dowéinst och vum Natur- a Geopark Mëllerdall gefërdert.


(Foto: Raymond Clement)


GEOLOGIE IN DER GEMEINDE BEFORT

Die Gemeinde Befort war eine der ersten, in der ein Projekt zum Thema Geologie umgesetzt wurde. Es war das Leader-Projekt „Mensch & Stein“, das von 2006 bis 2008 von den Gemeinden Mompach und Befort getragen wurde. In der Gemeinde Befort wurde im Rahmen des Projektes der Steinbruch zwischen Befort und Dillingen wieder freigestellt und der Lehrpfad entwickelt, der in die Steinbrüche führt.



Er folgt der ehemaligen Bahntrasse der Schmalspurbahn „Josy“ und startet am ehemaligen Beforter Bahnhof, wo heute die neue Spielschule mit „Maison relais“ für 175 Kinder entsteht. Auf sechs Tafeln werden u.a. Themen wie der Sandstein, sein Abbau, die Bahnlinie ins Sauertal, die Verwendung des Steins veranschaulicht. Auch eine Broschüre mit zusätzlichen Informationen wurde entwickelt und vom „Service géologique de l’Etat“ herausgegeben. Am Startpunkt des Pfades, vom Schulhof sichtbar, wurde ein geologisches Profil errichtet, das quer durch die Region des Natur- und Geoparks von Reisdorf nach Born reicht. Es verbindet so auch die beiden Projektgemeinden. Es zeigt die Oberflächenformen mit Plateaus und tief eingeschnittenen Tälern und die Steine, die im Untergrund zu finden sind.

Da das Alleinstellungsmerkmal der Region die Geologie ist, wurde der Steinbruch auf die Liste der Geotope (geologisch interessante Plätze in der Region) aufgenommen. Der Luxemburger Sandstein, der hier abgebaut wurde, stellt eine der geologischen Besonderheiten der Region dar. An diesem Beispiel wird die Verbindung zwischen der Geologie und dem Menschen besonders deutlich denn der abgebaute Stein hatte einen großen ökonomischen Wert. Eine Vielzahl kleinerer Steinbrüche zeugt vom Nutzen des Bausteins in der Vergangenheit.



Der Steinbruch wird auch im Flyer-Paket „12x Geologie im Natur- & Geopark“ thematisiert. In diesem Paket wird in jeder Gemeinde des Natur- und Geopark Mëllerdall eine Besonderheit rund um das Thema „Geologie“ entlang eines bestehenden Wanderweges erklärt.

Weitere Geotope, die in der Gemeinde Befort existieren, sind die Täler des Haupeschbaach und Hallerbaach, die gleichzeitig als Nationales Monument klassifiziert sind. Aus historischer Sicht kommen die Alebuerg sowie Burg und Schloss hinzu. Aus botanischer Sicht bemerkenswert sind auch die in der Gemeinde vorkommenden Farne und Moose.

Um das Bewusstsein in der Bevölkerung für das natürliche und kulturelle Erbe der Region sowie für die Aufgaben des Natur- und Geopark Mëllerdall zu erhöhen, wird zur Zeit eine Ausstellung zu den wichtigsten Themen vorbereitet. Diese wird in der ehemaligen Jugendherberge zu sehen sein. Das Herzstück der Ausstellung ist bereits vorhanden: Ein 1,5 x 2,3 Meter großes Geländemodell, auf das mit einem Beamer zahlreiche relevante Informationen über die Region projiziert werden können. Die Hauptkapitel sind Geologie, Wasser, Natur, Geschichte, Tourismus und Infrastruktur sowie ein Kapitel für Kinder. Öffnungszeiten der Ausstellung werden noch bekannt gegeben.



Kontakt: Birgit Kausch



„TROCKENMAUERN IN DER GROSSREGION – EIN WERTVOLLES KULTURERBE FÜR NATUR UND LANDSCHAFT“

Der Natur- und Geopark Mëllerdall nimmt seit 2016 zusammen mit fünf anderen Partnern in der Großregion an einem Interreg-Projekt zum Thema Trockenmauern teil. Gemeinsam mit verschiedenen Behörden und Ministerien versuchen alle Akteure das Thema Trockenmauern wieder in Luxemburg und seinen Nachbarländern zu verankern.

Das Projekt beinhaltet sehr unterschiedliche Facetten, wie zum Beispiel eine Bestandsaufnahme der noch bestehenden trockengebauten Strukturen, diverse Weiterbildungen, Restaurierungsbaustellen oder technische Hilfestellungen.

Sinn und Zweck einer Trockenmauer



Eine Trockenmauer zu bauen ist eine alte Handwerkskunst, die darin besteht, verschiedene Steine so geschickt aufeinanderzulegen, dass eine stabile Konstruktion entsteht, ohne auf Mörtel oder sonstige Bindemittel zurück zu greifen.

Seit Jahrhunderten organisieren und strukturieren trocken gebaute Strukturen unsere Landschaft und tragen, sowohl im bebauten wie auch im natürlichen Raum zur Kulturlandschaft bei. Sie fügen sich dabei so harmonisch ins Gelände ein, dass sie meist nicht wahrgenommen werden. Eine Trockenmauer erfüllte früher eine wichtige Rolle. Trockenmauern halfen dabei unwegsames Gelände zugänglich zu machen, zum Beispiel für die Landwirtschaft.

Auch die zahlreichen Wanderwege des Müllerthals führen auch heute noch über die vor über 100 Jahren angelegten Trockenbaustrukturen. Hierzu zählen sowohl die alten Verpflasterungen der Wege als auch die abgestützten Steilhänge. Selbst in Bächen und Flüssen sind noch an zahlreichen Stellen die Hänge durch Trockenmauern angehalten und schützen somit bis heute vor Erosion. Nicht nur Stützmauern sind hierzulande trocken gebaut. Bei der Bestandsaufnahme sind bis zu acht verschiedene Treppenarten in Erscheinung getreten. Selbst Brücken, Wasserdurchläufe, und selbst kleine Unterstände sind noch vorhanden.



Neben seinen exzellenten statischen Merkmalen spielt eine Trockenmauer auch eine große Rolle bei der Regenwasserrückhaltung. Eine Trockenmauer, durch die Anzahl der Hohlräume, erlaubt dem Wasser durch die Anzahl der Hohlräume sich einen Weg zwischen den Steinen zu suchen. Hierdurch wird das Wasser stark verlangsamt und zurückgehalten. Eine Trockenmauer kann aus bis zu 30 Prozent Hohlräumen bestehen.

Diese Hohlräume dienen der Flora und Fauna als willkommenes Biotop. In Bezug auf die Orientierung der Mauer kann sie entweder einen sehr heißen und trockenen Lebensraum bieten und somit thermophile Pflanzen und Tiere beherbergen, oder im Gegenteil, ein sehr feuchtes und schattiges Zuhause bieten. Trockenmauern können sich auch auf die Bodenerosion auswirken. Sie entschärfen die Hangneigung und verlangsamen somit zusätzlich das Oberflächenwasser.

Das Wissen um das Trockenmauerhandwerk verschwindet heutzutage zusehends. Nur sehr wenige Menschen beherrschen noch dieses Wissen was auf ein paar Grundregeln basiert, sich aber ein Leben lang weiterbilden und perfektionieren kann. Das Wissen wurde größtenteils mündlich überliefert, von einer Generation zur nächsten. Alte schriftliche Quellen zum Thema gibt es nur sehr wenige.



Nach Kriegsende und mit dem Erscheinen von neuen Techniken und Baumaterialien ist das Trockenmauerhandwerk mehr und mehr in Vergessenheit geraten. Und obwohl eine Trockenmauer heutzutage eine großartige ökologische Alternative zu den aktuellen Bauweisen bildet, wird sie nur noch sehr selten in Projekten mit eingeplant. Auch die schon bestehenden Mauern geraten immer mehr in Vergessenheit und werden nicht mehr unterhalten oder in Stand gesetzt.

Der Natur- und Geopark Mëllerdall übernahm 2018 die Initiative und hat einen Antrag beim Kulturministerium gestellt, um das Trockenmauerhandwerk auf die Liste des nationalen, immateriellen Kulturerbes zu setzen. Dieser Antrag wurde im Dezember 2018 angenommen.

Das Interreg-Projekt

Seit Beginn des Projektes wird eine systematische Bestandsaufnahme der Trockenbaustrukturen auf dem Territorium des Naturparks unternommen. Zielsetzung ist es möglichst viele Elemente zu entdecken und zu dokumentieren, um einen Gesamtüberblick für die Region zu erhalten, und um die Schwachpunkte, Gefahren und Probleme erkennen zu können und gegebenenfalls gegenzulenken.
Seit 2017 bietet der Natur- und Geopark Mëllerdall Weiterbildungen im Trockenmauerbau an. An diesen Workshops können so-



wohl Privatleute als auch Fachleute aus dem Bau- und Gartenbereich teilnehmen. Auch Weiterbildungen für Gemeindearbeiter und Forstarbeiter stehen auf dem Programm. Der Anklang ist groß und die meisten Workshops sind schnell ausgebucht.

Außerdem wird aktuell eine qualifizierte Ausbildung ausgearbeitet, um das Trockenmauerhandwerk erlernen zu können. Somit könnte auch der Beruf des Trockenmaurers in Luxemburg wieder Fuß fassen. Ziel wäre sowohl große als auch kleine Firmen zu haben die den Leuten zu fairen Preisen den Bau oder die Restaurierung einer Trockenmauer anbieten.



Seit 2018 sind auch die ersten Restaurierungsbaustellen in Angriff genommen worden. In einer ersten Phase wird in jeder Gemeinde eine symbolträchtige Trockenmauer durch eine professionelle Firma restauriert und für die nächsten Jahrzehnte instandgesetzt.

Bis Anfang 2019 hat der Natur- und Geopark Mëllerdall zehn Weiterbildungen veranstaltet mit insgesamt 86 Teilnehmern. Im Rahmen dieser Baustellen wurden über 110 laufende Meter Trockenmauer restauriert oder wieder neu aufgebaut.

In der Gemeinde Befort wurden im Rahmen der Bestandsaufnahme einige sehr schöne trocken gebaute Elemente entdeckt wie zum Beispiel eine kleine Brücke in Dillingen, Überreste der Domiksmillen und der Follmillen sowie diverse andere sauber gearbeitete Trockenmauern.

Wer an einer Weiterbildung teilnehmen möchte, eine schöne Trockenmauer kennt und diese zeigen möchte, irgendwelche Fragen zum Thema Trockenmauern hat oder eine alte Mauer oder ein Haus abreißen und die Steine schenken möchten, der sollte nicht zögern sich beim Projektbeauftragten zu melden. Er und sein Team sind immer auf der Suche nach lokalen Steinen, die für die Restaurierung der Trockenmauern benutzt werden können.

Kontakt: Jo Goergen



„HOLZ VUN HEI“ UND „GREEN ECONOMY – MUTIPLE USE OF FOREST“

Zum 1. Oktober 2018 starteten im Rahmen des EU-Förderprogrammes Leader die beiden Projekte „Holz vun hei“ und „Green economy – mutiple use of forest“ im Natur- und Geopark Mëllerdall. Für die Umsetzung und Koordination der Projekte, deren Laufzeit sich auf zwei Jahre erstrecken, ist der Natur- und Geopark Mëllerdall als Projektträger verantwortlich, welcher auf eine gute Zusammenarbeit mit den Naturparkgemeinden, den Förstern, den holzverarbeitenden Betrieben und den Privatpersonen der Natur- und Geoparkregion setzt.

In den Projekten kann auf eine ordentliche Vorarbeit zurückgeblickt werden, denn bereits in den Jahren 2012 bis 2014 wurde in der Region Mëllerdall das Thema Wald und Holz im Leader-Projekt „Forest Project“ behandelt. Eine Menge Erfahrungen, sowie eine ganze Reihe an umgesetzten Aktivitäten waren das Ergebnis des transnationalen Projektes. Zu den damals abgeschlossenen Aktivitäten zählen unter anderem die Initiierung der Kennzeichnung „Holz vun hei Regioun Mëllerdall“, die Sensibilisierungsaktioun „Däi Bësch – mäi Bësch“, sowie die Aktivitätenbroschüre „De Bëschflyer“, welche noch immer unter dem Namen „Eisen Naturpark, fir jiddereen eppes dobäi“ über Aktivitäten des Natur- und Geoparks Mëllerdall informiert.

Bei den aktuellen Projekten geht es darum alte Initiativen wieder aufzugreifen und die



damals nicht behandelten Themenbereiche voranzutreiben. Im Projekt „Holz vun hei“ soll die Kennzeichnung „Holz vun hei - Regioun Mëllerdall“ weiter aufgewertet werden und versucht werden das Holz, welches in den Wäldern der Region wächst, in der Region zu verarbeiten und einzusetzen. Eine Designlinie an Holzprodukten und Holzgadgets soll zudem ein Augenmerk der waldreichen Region werden. Auch die vielfältigen Verwendungsmöglichkeiten von Holz sollen durch Workshops, Weiterbildungen sowie holz- und waldspezifische Veranstaltungen aufgezeigt werden. So wird vom 1. bis zum 3. Oktober dieses Jahres das Grünholzmobil in Befort zu Gast sein und Techniken zur Verarbeitung von frischem Holz näher zu bringen.

Das Projekt „Green economy – mutiple use of forest“ befasst sich auf regionaler Ebene mit der Konzeption von Plänen, wie man die regionalen Energieholzversorgung in Zusammenarbeit der Gemeinden untereinander verbessern kann. Ein gemeinsames Bau- und Wertholzkonzept soll die Durchführung von Ideen im Projekt „Holz vun hei“ vereinfachen und lokale Bauprojekte mit Konstruktionsholz beliefern können. Eine Klimapakt-Umfrage in der Region Mëllerdall unter Beteiligung der Bürger aus der Region soll wichtige Verbrauchszahlen und Informationen der Haushalte zu den Themen Klimaschutz, Energie sparen, Heizen und Renovierung liefern.

Auf transnationaler Ebene geht es im „Green Economy“-Projekt zudem um den Austausch und die Zusammenarbeit mit den sieben Partnerregionen aus Schweden, Finnland und Portugal. Bereits bestehende Erfahrungen sollen ausgetauscht werden und durch Konferenzen in den verschiedenen Ländern, soll bestehendes Wissen an die Partner vermittelt werden. Im November 2018 fand die erste Konferenz in Schweden statt. Neben der Besichtigung von einem Sägewerk, einem Pelletwerk und dem Nationalpark Store Mosse wurde hier zudem aufgezeigt, welche Möglichkeiten in Schweden bestehen, den Wald und das Holz auf vielfältige Art zu nutzen. Jetzt Anfang Mai findet das nächste Treffen im Natur- und Geopark Mëllerdall statt. Den Partnern wird an diesen Tagen die vielfältige Nutzung unserer Wälder aufgezeigt, in denen Tourismus, Wasserschutz, Naturschutz aber auch die nachhaltige Waldbewirtschaftung wichtige Themen sind.

Kontakt: Charel Faust



Däi Bësch mäi Bësch!

Ta forêt – ma forêt! *Dein Wald – mein Wald!*

Jouw bos – mijn bos! *Your forest – my forest!*



(D) Bitte auf den Wegen bleiben.
(F) Merci de rester sur les sentiers.
(NL) Op de paden blijven a.u.b.
(GB) Please stay on the paths.



(D) Reiter und Fahrradfahrer bitte auf **BEFESTIGTEN** Wegen bleiben.
(F) Cavaliers et cyclistes, merci de rester sur les sentiers **STABILISÉS**.
(NL) Ruiters en fietsers graag op de **VERHARDE** paden blijven a.u.b.
(GB) Riders and bikers, please stay on **HARD SURFACE** paths.



(D) Hunde bitte anleinen.
(F) Veuillez tenir votre chien en laisse.
(NL) Honden aan de lijn a.u.b.
(GB) Please keep dogs on the leash.



(D) Bitte nur Eindrücke und Beobachtungen sammeln, keine Pflanzen oder Tiere mitnehmen.
2004 ass den Aimé-Jules Fozeu aus Kamerun an Däitschland komm. No senger Ausbildung zu Heidelberg huet hien am Nationaltheater zu Mannheim weider Erfahrunge gesammelt. Bei der Ausbildung loung de Schwéierpunkt op dat frëscht Kache mat frësche Produiten, sief dat Fleesch, Fësch oder Geméis. Inspiréiert duerch déi franséisch a mediterran Kichen wollt hie seng Kenntnisser erweideren a sou koum et, datt de Wee hien op Lëtzebuerg gefouert huet.

2011 huet hien zu Schuller am Restaurant “Toit pour toi” ugefaange mat kachen an do war hien eng Rei Joeren aktiv. Uschléissend koumen nach e puer weider Statioune bäi bis hien elo am Fréijoer sech hei zu Beefort néiergelooss huet.

Nieft de Beeforter an de Leit aus der Géigend sollen och d’Touristen, déi sech hei an der Géigend befannen, d’Méiglechkeet hunn déi traditionell Kiche vun hei kennenzeléieren oder net ze vergiessen. D’Kaart ass kleng gehalen fir d’Frëschheet kënnen ze garantéieren a bei all Gang ginn et verschidden Iessen zur Auswiel. Vervollstännegt gëtt d’Menuskaart mat enger separater Wäikaart a Suggestiounen an









an der Woch gëtt nach ee Dagesmenu ugebueden.

Net ze vergiessen ass och déi grouss Terrasse hannenaus, vun där ee beim gudde Wieder ka profitéieren.

“La Rôtisserie de Beaufort”

110, Grand-Rue
L-6310 Beaufort

Tel. 26 87 60 71

E-mail: rotisseriebeaufort@gmail.com

SPORT

CHAMPIONNATS NATIONAUX D'HONNEUR



Carla Tavares

Bei den „Championnats Nationaux d'Honneur" am Samstag, den 16. März, gingen in diesem Jahr insgesamt 26 Athletinnen und Athleten an den Start und kämpften in der Coque um die begehrten Medaillen.

Mit über weite Strecken technisch/taktisch hochklassigem Judo konnten am Ende des Tages zehn Goldmedaillen, sieben Silbermedaillen und sechs Bronzemedaillen errungen werden.

Ergebnisse

Erster Platz
Matilde Ferreira (u9) Befort;
Yan Schüller (u9) Befort;
Mika Fernandes (u11) Befort;
Max Miller (u13) Befort;
Joana Magalhaes (u13) Befort;
Leo Giefer (u13) Echternach;
Cheryl Weyland (u15) Befort;
Carla Tavares (u18) Befort;
Nicolas Mariani (u18) Echternach;
Daniel Reckinger (Mä) Befort.

Zweiter Platz
Morgan Cardoso (u11) Befort;
Tun Bangnowski (u11) Befort;
Leni Schüller (u13) Befort;
Romain Mariani (u13) Echternach;
Lena Schmit (u15) Befort;
Dutch Gierens (u15) Befort;
Damiano Dalto (u15) Echternach.

Dritter Platz
Ayleen Post (u9) Befort;
Neo Hauer (u9) Befort;
Joe Diedert (u9) Befort;
Sophie Giefer (u11) Echternach;
Frederik Jensen (u11) Echternach;
Zoe Weydert (u15) Echternach



Cheryl Weyland



Mika Fernandes



Daniel Reckinger



Nicolas Mariani



Dalton Damiano

(FOTOS: JUDO CLUB)

“WE ARE ALL KNIGHTS”



De Beeforter Äishockeyclub, deen zanter dëser Saison ënnert dem Numm “Beaufort Knights” déi lokal Faarwe vertrëtt, huet d’Saison 2018/2019 op drëtter Plaz vun der Division 1 an der belscher Liga ofgeschloss. Héichpunkt war ouni Zweifel de leschten Heemmätsch géint Charleroi Roosters. Nët manner ewéi 550 Leit sinn dee Mätsch kucke komm.

Virum Mätsch gouf, no der amerikanescher Traditioun ugelehnt, zwar nët “The Star-Spangled Banner” mais “Ons Heemecht” gesongen. No dëser Première koum eng weider Iwwerraschung. Den Davis-Cup-Kapitän Gilles Muller huet mat sengem Bouf den éischte Bully gemaach a si konnte sech vun engem Spektakel op an nieft der Äispiste iwwerzeegen.

Nom Puckspill an der éischter Paus gouf nom zweeten Drëttel ee richtege Ritterkampf ugebueden. Zwee Ritter mat hirer kompletter Ausrüstung hunn an der Mëtt vun der Äispiste ee Kampf ausgedroen.

Et ass scho ganz laang hir, datt et sou eng gutt Stëmmung op der eelster Äispiste zu Lëtzebuerg gouf. D’”Beaufort Knights” mat der Ënnerstëtzung vun den Zuschauer an dem “Siggi” hunn zum Schluss alles versicht mais den zéngte Goal fir d’Heemekipp wollt einfach net falen. No der Schlusssiren war keen, ausser de Géigner, vun der 9:3-Victoire enttäuscht. Nom Mätsch huet d’Ekipp mat engem Banner de Zuschauer Merci gesot fir hir Ënnerstëtzung a weider gefeiert gouf beim véierten Drëttel.

Zum Schluss vun der Saison sinn d’Ukënnegungen ëmmer méi opwenneg an einfallsreich ginn. Sou war sech den Trainer John Bierchen net ze schued fir op engem Päerd am Schlassgaart de leschten Heemmätsch unzekënnegen.

Wéi zefridden d’Spiller an déi Verantwortlech vun de “Beaufort Knights” mat der Saison waren a wéi et weidergeet, dat gëtt een an der Generalversammlung den 31. Mee gewuer.
















Foyer
Ben & Mil
EWERS
Scholtes-Vossen S.A.








WIETOR





CHRONIK

JANUAR 2019

6. -12. Januar

De Cycle 4.1 mat de Schoulmeeschtesche Sandra Marques a Céline Pereira an dem Schoulmeeschter Steve Mischel waren an d'Classe de neige zu Beaufort-Arêches a Frankräich. Ënnerstëtzung kruute se nach vum Betty Helminger an Annette Thielen.

D'Erliefnisser aus dëser Woch beschreiwe si am folgenden Artikel: „Wir sind fast jeden Tag Ski gelaufen, morgens und nachmittags. Wir sind mit dem Sessellift oder mit dem Tellerlift hochgefahren. Wir haben gelernt, wie man Kurven fährt und wie man bremst. Manche Kinder sind oft gefallen. Das Skifahren mit den Lehrern Thierry, Jean-Noël, Isabelle und Bérangère war aufregend und hat Spaß gemacht. Unsere Skilehrer trugen alle rote Skihosen und rote Jacken. Wir haben eine tolle Sportart kennengerlernt und hatten eine schöne Zeit.

Der Bürgermeister Camille Hoffmann war am 10. Januar zu Besuch; wir haben mit ihm zusammen ein Gruppenfoto vor dem Mont Blanc gemacht. Vom Berg aus hat man eine wunderschöne Aussicht.

Am Mittwochabend kam ein Bergretter, der über seine Arbeit erzählte. Er hat uns erklärt, was man tun muss, wenn jemand Hilfe braucht. Wir haben verschiedene Situationen nachgespielt, z.B. wie man einen Verletzten auf eine Trage hebt, oder wie man verschüttete Menschen mit Hilfe eines Stabes finden kann. Er hat uns auch berichtet, wie die Hunde Leute in den Lawinen aufspüren und er hat uns erklärt, wie eine Lawine entsteht.

Jeden Abend durften wir eine halbe Stunde an unserem Dossier arbeiten und eine halbe Stunde ins Schwimmbad. Im Dossier befanden sich kleine Spiele und Kreuzworträtsel, als auch einen Brief, den wir unseren Eltern schreiben durften.

Nach ungefähr einer Stunde Party kam Skiprofi Bob (Hashim) auf die Bühne. Die Show Herzblatt fing an. Die Moderatorin verdeckte ihm die Augen, damit er die Kandidatinnen nicht sehen konnte. Zuerst kam Chantal (Carmen) auf die Bühne, dann Cloé (Léini) und zuletzt Joy (Claudia). Um das Date mit dem Skiprofi zu gewinnen, mussten sie ein paar Aufgaben erfüllen (zum Beispiel: einen Witz erzählen). Zum Schluss gewann Joy. Skiprofi Bob durfte dann mit ihr vor allen anderen einen Tanz aufführen. Alle haben gelacht. Es war toll.

Morgens gegen 7.30 Uhr gab es Frühstück. Pro Tisch saßen fünf bis neun Kinder. Es gab heiße Schokolade, Schokoflocken und Brot. Um 12 Uhr gab es Mittagessen. Wir aßen ganz unterschiedliches Essen, einmal gab es Hamburger mit Pommes. Nach dem Skifahren haben wir heiße Schokolade getrunken und ein Stückchen Kuchen gegessen. Abends gegen 19 Uhr gab es Abendessen. Nach dem Essen bekamen wir auch immer einen Nachtisch.

Während den Skiferien waren wir am Mittwoch die Käsefabrik besuchen. Wir wurden in zwei Gruppen eingeteilt – die Mädchen und die Jungen. Die Mädchengruppe war zuerst auf den Marktplatz. Die Jungs gingen zur Käsefabrik und danach haben wir getauscht. In der Käsefabrik haben wir uns einen Film angesehen. Dann sind wir in den Keller gegangen. Dort lag sehr viel Käse. Diese wurden mit großen Robotern gedreht. Die Dame hat uns genau erklärt, wie der Käse gemacht wird. Später konnten wir noch Käse aus dem Jahre 2017 und 2018 schmecken. Zum Schluss konnten wir noch Käse kaufen."





































Fotoen: Beeforter Scouten

13. Januar

Aus dem Policebulletin: Gegen 19.40 Uhr wurde heute Abend ein Brand in Beaufort, Landburger Park, in einem Einfamilienhaus gemeldet. Während der Löscharbeiten wurde eine Person lebensgefährlich verletzt im Innern des Hauses aufgefunden. Sie erlag ihren schweren Verletzungen noch vor Ort. Bei der Person handelt es sich um den Bewohner des Hauses, einen 53-jährigen Mann kapverdianischer Abstammung.

Auf Anordnung der Staatsanwaltschaft wurde die Police technique der Kriminalpolizei mit den Ermittlungen befasst.



18. Januar

D'**Victory Riders Luxembourg VMC** mam Sëtz hei zu Beefort hunn, hunn ee Scheck an Héicht vun 1.551,05 Euro un ee Vertrieder vun der Fondation Autisme Luxembourg iwwerreecht.

D'Victory Riders Luxembourg VMC hunn d'ganz lescht Joer bei hire verschidde Aktivitéite Sue fir d'Fondatioun gesammelt. Zu den Aktivitéiten zielen ënner anerem d'Äiswaassergrillen, den Hard-Ball (gréisst Motorradtreffen an der Groussregioun vum Typ Victory an Indian) an de Summermaart. Privat Donen sinn am Betrag mat dran, dee fir déi extra-scolaire Aktivitéite vum Centre de Jour zu Rammerech vun der Fondatioun Autisme bestëmmt ass.

De Patrick Simon, zoustänneg fir d'Kommunikatioun a Relations publiques bei der Fondatioun, huet de Scheck vum Fränz Hauschild, President vun de Victory Riders Luxembourg VMC, entgéintgeholl an d'Aktivitéite vun der Fondatioun an de Centre de Jour vu Rammerech virgestallt.

D'Scheckiwwerreechung huet am Sëtzungssall vun der Gemeng a Präsenz vum Buergermeeschter Camille Hoffmann stattfonnt an den Termin vum nächsten Hard-Ball steet och fest: den 2. an 3. August 2019 zu Beefort.



18. Januar

Traditionell **Neijoschréceptioun** vun der Gemeng an der Maison Theis.



19. Januar

Op Invitatioun vum Beeforter Syndicat d'initiative et du tourisme koum fir déi véierte Kéier de "**Club de patinage artistique et de spectacle à Metz**" op Beefort zu Besuch. Mat hirer Ice-Skating-Show hu se wéi déi Kéiere virdru grouss a kleng Zuschauer begeeschtert.























19. Januar

24 Fraen a Männer zielen zum **Beeforter Pompjeescorps,** deen am neie Centre d'incendie et de secours seng Generalversammlung ofgehalen huet. D'Aweiung vum neie Pompjeesbau den 28. Juni gehéiert och zu den Héichpunkte vum leschten Joer. Et war ee Joer mat groussen Ännerungen. Zanter dem 1. Juli ënnerstinn d'Pompjeeën dem CGDIS (Corps grand-ducal d'incendie et de secours) an aus dem Gronn gouf de Réckbléck op déi éischt sechs Méint gemeet.

Am Tätegkeetsbericht si véier Versammlunge mat de Memberen, véier Comitéssëtzungen, zéng Übungen an eng Formatioun am Ragtal mat aacht Pompjeeë vermierkt. Dozou kommen nach 13 Manifestatiounen am ganze Joer bäi. D'Pompjeeë goufen op 51 technesch a Sauvetage-Asätz geruff. 40 Asätz ginn op Stuermschied an Iwwerschwemmungen zréck a sechs Mol goufen Harespelsnäschter ewechgemaach. Vun de 24 Leit am Pompjeescorps hunn der siwen d'Ausbildung vum First Responder. Si goufen zu 32 Asätz geruff an ëm hir Ënnerstëtzung gouf 37 Mol (31 Ambulanz a sechs Samu respektiv Helikopter) gefrot. Donieft sinn nach zwee Brandasätz ze vermellen.

Zu de weidere Manifestatiounen gehéieren d'Asammele vu Chrëschtbeemercher, Buergbrennen, Après-Ski-Party um Kiosk, eng Vakanz, Cortège bei der Kommunioun, Meekranz bannen, Feierlechkeeten zum Nationalfeierdag, Aweiung vum Pompjeesbau an eng Porte ouverte, Camp vun de Jugendpompjeeën, den nationale Gedenkdag an ee Familljenowend.

Zu der Ekipp vun de Jugendpompjeeën zielen 28 Jugendlecher a siwe Jugendleeder an Helfer. Si konnten 2018 am Ganzen 13 Übungen an 20 Aktivitéiten opweisen. Nieft eng Rei Aktivitéiten zesumme mat de grousse Pompjeeë kommen hei nach ënner anerem eng gemeinsam Übung mat Reisduerf an de Wëssenstest bäi. Héichpunkt war vum 15. bis den 21. Juli de Jugendcamp hei zu Beefort. 87 Kanner a 27 Moniteure aus der Regioun Osten hu sech dru bedeelegt. D'Virbereedungen hunn ongeféier ee Joer gedauert an eng 40 Leit an der Helfer- a Kichenekipp waren all Dag vu moies 5.30 bis 23 Auer am Asaz. All Dag stoungen Aktivitéiten zu a rondrëm Beefort um Programm an dat exzellent Wieder huet säin Deel zu der gudder Stëmmung bäigedroen.

Op den 31. Dezember setzt sech de Comité zesummen aus de folgende Pompjeeën: Chef de corps Alex Pereira, Chef de corps adjoint Andy Wagner, Chef de section Guy Tholl a Joé Georg, Caissier Joé Georg, Sekretärin Tanja Weis, Chef "Section jeunes" Etienne Vrolijk, Memberen Dominique Bollinger a Christian Kröger.

24. Januar

Zu enger interessanter Konferenz huet den Natur- a Geopark Mëllerdall invitéiert. Am Kader vum "**Loschbour Kulturtour**" goufen d'Erkenntnisser iwwert de Loschbour-Mann vum Foni Le Brun-Ricalens, Direkter vum Centre national de recherche archéologique, hei zu Beefort presentéiert.

De Loschbour-Mann gouf 1935 um Fouss vun enger Höhl am Mëllerdall fonnt an dat war eng grouss Sensatioun. Bis haut nach gëtt um Skelett gefuerscht an et gëtt een ëmmer méi iwwert de Mann gewuer. Den Numm Loschbour kënnt vun der Plaz, wou d'Skelett fonnt ginn ass an et ass och eng Baach, déi do an d'Schwaarz Iernz leeft. Et war de Charles Weber, deen op där Plaz archeologesch Ausgruewunge gemeet huet an d'Iwwerreschter an engem ganz gudden Zoustand fonnt huet.

No der leschter Äiszäit virun eng 10.000 bis 5.000 Joer ass d'Klima hei an Europa ëmmer méi waarm ginn an doduercher konnte sech d'Bëscher ausbreeden. An där Zäit koum et och zum Iwwergank vun der Liewensweis vum Mënsch: vum Jeeër a Sammler zum Ackerbauer. Aus de verschidden Analyse konnt een erausfannen, datt de Loschbour-Mann virun 8.000 Joer gelieft huet, ongeféier 160 Zentimeter grouss an eng 60 Kilo hat. Den Doudesalter gëtt tësche 34 a 47 Joer geschat. Mat enger Probabilitéit vun 99 Prozent hat hien schwaarz Hoer, donkel Hautfaarf (97 Prozent) a blo Aen (53 Prozent). Ënnersichungen hunn zudeem erausfonnt, datt haut lieweg Lëtzebuerger zwee bis dräi Prozent vum Ierfgutt vum Loschbour-Mann a sech droen.

Mat senge ronn 8.000 Joer gehéiert de ganz gutt erhalene Loschbour-Mann zu enger genetescher Referenz an der internationaler Fachwelt.



25. Januar

D'Zitat "**Ein ganz klein wenig Süßes kann viel Bitteres verschwinden machen**" staamt vum italieneschen Dichter an Humanist Francesco Petrarca, deen tëschen 1304 an 1374 gelieft huet. Hie gëllt als Matbegrënner vum Humanismus an zesumme mam Dante Alighieri a Giovanni Boccaccio als ee vun de wichtegste Vertrieder vun der féier italienescher Literatur.

Dat nämmlecht Zitat kann een op de Cabaret "Batter Séiss" iwwerdroen, déi op Invitatioun vun der Kulturkommissioun am Kummelsbau opgetrueden ass. "Wéi krank ass dat?" heescht den aachte Programm vum Ensembel, deen ënnert der Regie vum Rob Wagner steet a vun den Actrice Vicky Wagner a Liette Wilgé zesumme mat den Acteure Gérard Heinen a Rob Wagner gespillt gëtt. D'Texter vun de Sketcher an de Lidder si vum Cabaret "Batter Séiss" a goufe geschriwwe vum Vicky a Rob Wagner.

Mat Texter a Lidder an tëschenduerch mat enger spatzer Zong hu si der Gesellschaft an de Leit am Sall de Spigel virun d'Gesiicht gehalen. Während dem Programm vun zweemol enger Stonn gouf zwar vill Gelaacht an awer och un d'Nodenke bruecht.


































50
DILLINGEN



FEBRUAR 2019

1. Februar

Obwuel **Liichtmëssdag** den 2. Februar ass ware jonk Butzen aus dem Précoce an der Maison Relais schonns e Freideg mat hire Lampionen an Tuten ënnerwee a sinn ënner anerem och op d'Gemeng sange komm.









2. Februar

Dëst Joer huet d'**Elterevereenegung de Fuesbal** op Samschdes verluecht an dat ass wierklech gutt bei den Elteren ukomm. Den Dave an de Patrick, déi fir d'Animatioun gesuergt hunn, hunn d'Kanner wéi awer och Mammen a Pappen mat agebonnen esou, datt et fir jiddereen amüsant war. Jiddereen hat eng super Stëmmung an et freet sech op den nächste Fuesbal.









infopoint
myenergy

infotip myenergy

Eine Komfortlüftungsanlage für eine gute Luftqualität in Ihrem Zuhause!

- Die Installation einer Komfortlüftungsanlage ermöglicht Ihnen die einströmende Frischluft zu filtern und die Abluft aus den Wohnräumen abzusaugen.
- Für eine optimale Luftqualität ist es nicht notwendig die Fenster zu öffnen; somit wird das Risiko einer Verbreitung von Pollen oder Feinstaub verringert.
- Durch die Minimierung der Luftmenge der Lüftungsanlage vermeiden Sie eine trockene Raumluft.

Bei Ihrem Renovierungsprojekt können Sie für die Installation einer Lüftungsanlage die PRIMe-House-Beihilfen beantragen! Für weitere Informationen zu den technischen Anlagen Ihrer Wohnung und den verfügbaren Beihilfen, vereinbaren Sie heute noch einen Termin mit myenergy!



Hotline
8002 11 90
myenergy.lu

Co-funded by the European Union

myenergy Luxembourg
Partner für eine nachhaltige Energiewende

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Économie
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère du Développement durable et des Infrastructures
Département de l'environnement
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère du Logement

8. Februar

An der Jugendherberge huet “**Rando & Co Mëllerdall VoG**” seng Generalversammlung ofgehalen. De “Rando & Co Mëllerdall VoG” huet eigentlech eng grouss Aktivitéit d’Joer an zwar d’Organisatioun vun der “Randonnée Müllerthal”.

D’lescht Joer am Oktober hu sech 630 Leit un der Randonnée bedeelegt. Dovunner waren der 493 mam Mountainbike, 119 Wanderer an 18 Kanner um Kidstour ënnerwee. Des Weidere weisen d’Zuelen, datt dës Manifestatioun och am Ausland gutt ukënnt obwuel 61 Prozent vun de Participante aus Lëtzebuerg sinn. Sou koume 16 Prozent aus Däitschland, 15 Prozent aus Frankräich, sechs Prozent aus der Belsch an zwee Prozent aus Holland. Ervirzesträichen ass, datt de Rendezvous zesumme mat der Porte ouverte vun der Jugendherberge gefall war an doduercher eng nach méi besser Ambiance ënnert de Fräizäitsportler gouf.

An dem Zesummenhang gouf all deene Merci gesot, déi zum Succès bäigedroen hunn an dozou zielen d’Jugendherberge, d’Gemeng, d’Forstverwaltung, de Syndicat d’initiative et de tourisme, Sponsoren an natierlech d’Fräiwëlleger. Den Erfolleg huet sech och an der Keess rëmgespigelt, déi positiv ofschléisse konnt. Den Datum vun der nächster Randonnée steet och schonns fest: den 13. Oktober. Am Géigesaz zu den zwou leschte Kéiere sinn dës Kéier keng Walen an esou erhofft ee sech nach méi Leit bei der Randonnée.

De nämmlechten Dag ass och d’Porte ouverte vun der Jugendherberge.

Zum Schluss huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann dem Veräin Merci gesot fir d’geleeschten Aarbecht an an deem Zesummenhang huet hien d’Efforte vun der Gemeng a punkto Mobilitéit erwäänt. Sou zum Beispill schafft een zesumme mat der Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ un engem gemeinsamen Konzept, d’Gemeng huet zwee E-Bike kaaft an et gouf un d’Vëlosstatioun beim Syndicat erënnert.

De Comité vu “Rando & Co Mëllerdall VoG” setzt sech zesummen aus Edith Bergman, Félicie Stangé, Renate Vrolijk, Henriette Groeneveld, Carlo Houdremont, Marc Reckinger an Alphons Haaker. Keesserevisore si Marian ter Heegde a Roger Klein.



14. Februar

Ofschloss vun de Schlittschungcoursen. Iwwert déi ganz Wantersaison 2018/2019 huet de Syndicat d’initiative et du tourisme Schlittschungcoursen ugebueden. Am Ganze goufen zéng Course fir Kanner an zwee Course fir Erwuessener organiséiert a bedeelegt hu sech 109 Leit. D’Schlittschungcourse goufe mat enger Rei Virféierungen ofgeschloss an no der Presentatioun krut nach jiddereen eng Medail.













15. Februar

Als jéngst vu sechs Kanner koum Antoinette Vesque de 15. Februar 1929 zu Bigelbaach am Knapp op d'Welt. Den 10. August 1955 huet si sech mam Marcel Scholtes, Zammermann vu Beefort, bestuet a wunnt zanter hier hei zu Beefort.

Op hirem 90. Gebuertsdag koum de ganze Schäfferot bei hir an den Ditgeseck, oder och "um Bechel" genannt, fir hir déi beschte Gléckwënsch ze iwwerbréngen. Dëse Wënsch hu sech hire Jong Jos, d'Schnauer Yolande mat den zwee Enkel- a véier Urenkelkanner, déi alleguer zu Beefort wunnen, ugeschloss.



Hire Mann de Marcel huet am Joer 1958 de Holz- an Dachdeckerbetrib vu sengem Papp dem "Ditges Pit" iwwerholl a bis 1983 gefouert, deen haut ënnert dem Numm "Scholtes-Vossen" iwwert d'Grenzen eraus bekannt ass. Nieft hirem Déngscht am Familljebetrib huet si sech an der Vergaangenheet och bei de Senioren engagéiert a war laangjäreg Presidentin vun deem Veräin.

Eng grouss Freed bereeden hir véier Urenkelen an zu hiren Hobbyen zielen de Gaart an d'Blummen, déi si ëmmer geheegt a gepflegt huet.

25. Februar

Et gesäit ganz duerno aus, datt fir déi éischte Kéier zanter 1980 **dëst Joer kee Schlassfest zu Beefort** wäert stattfannen. Am Virfeld vun der Generalversammlung vun der Amicale Beaufort hunn e puer Comitésmemberen hir Demissioun ugekënnegt an doduercher kann de Veräin net méi sou funktionéieren ewéi bis elo.

Zoustänneg fir d'Organisatioun vum Schlassfest war d'Amicale Beaufort, déi 1978 gegrënnt gouf. De Sënn an Zweck vun der Amicale Beaufort ass et Mënsche finanziell ze ënnerstëtzen, déi duerch eng Behënnerung, schwéier Krankheet oder sozial Noutlag besonnesch Bedierfnisser hunn. Ausserdeem soll d'Vereenegung professionell oder éierenamtlech Persounen oder Organisatiounen ënnerstëtzen, déi sech fir dës Leit asetzen. Am Virfeld gëtt de konkrete Verwendungszweck uginn an och beluecht. De Benefice vun der Amicale gëtt nëmme gespent wann een zu honnert Prozent weess wou déi Suen higinn. Déi lescht grouss Spent war virun zwee Joer. Ee speziellen Trike am Wäert vu bal 5.000 Euro gouf iwwert d'Fondatioun Wonschstär un eng gehbehënnert an elengerzéiend Mamm iwwerreecht. Dësen Trike benotzt d'Fra fir den Alldag ze meeschteren awer och un speziell Sportsmanifestatiounen deelhuelen ze kënnen.

D'Einname vun der Amicale setze sech zesummen aus der Organisatioun vum Schlassfest, zesumme mat fräiwëlleger Ënnerstëtzung vu Veräiner an eenzel Persounen an et kënnen och aner Manifestatioune sinn. Een aneren "Akommes" ass de Floumaart, dee während dem Schlassfest organiséiert gëtt an och op aner Floumäert an der Regioun präsent ass. Des Weidere gi Charity-Tickete mat Gratistombola virum a während dem Schlassfest verkaaft.

Dëst Joer gëtt rëm een Don gemeet an op der Generalversammlung e Freideg, den 12. Abrëll, um 20 Auer am Kummelsbau gëtt ee dann och gewuer wou d'Sue higinn. Am Virfeld vun dëser Generalversammlung hunn e puer Comitésmemberen hir Demissioun ugekënnegt an doduercher kann d'Amicale net méi funktionéieren ewéi bis elo. Dowéinst gëtt een Opruff gemeet fir Leit ze fannen, déi sech géife fir dësen Zweck asetzen an och d'Schlassfest ze organiséieren.

D'Keess gëtt net ganz opgeléist oder komplett gespent. Et bleift ee Fong iwwereg, déi et der neier Ekipp erméiglecht d'Schlassfest oder aner Aktivitéiten ze organiséieren. Weider Informatioune ginn et bei der Amicale ënnert der E-Mail-Adress amicalebeefort@gmail.com.

Ënnert dëser Internetadress op youtube ass ee Video iwwert d'Geschicht vun der Amicale mam Schlassfest:

https://youtu.be/uyKSpo2cQcM



MÄERZ 2019

1. Mäerz

Zanter Oktober steet bei der Schoul ee **Moossapparat,** deen ënner anerem d'Geschwëndegkeet, d'Auerzäit an den Traffic aus den zwou Richtungen an der Grand-Rue ophëlt. Hei déi traureg "Top Ten" vum Februar an haut de Moien:

- 105 km/h, Samschdeg, 16. Februar, 21.37 Auer
- 91 km/h, Donneschdeg, 7. Februar, 23.06 Auer
- 91 km/h, Samschdeg, 16. Februar, 13.13 Auer
- 90 km/h, Dënschdeg, 12. Februar, 12.40 Auer
- 89 km/h, Freideg, 22. Februar, 15.31 Auer
- 86 km/h, Donneschdeg, 14. Februar, 21.31 Auer
- 86 km/h, Freideg, 1. Mäerz, 11.18 Auer
- 85 km/h, Dënschdeg, 5. Februar, 11.24 Auer
- 85 km/h, Mëttwoch, 6. Februar, 11.25 Auer
- 85 km/h, Donneschdeg, 21. Februar, 00.02 Auer

Den "délit de grande vitesse" läit bei 75 km/h. De Leader ass mat 105 km/h an déi éischt Miesszone eran- a mat der nämmlechter Vitesse erausgefuer während de Kandidat vum 14. Februar mat 86 km/h eran- a mat 80 km/h erausgefuer ass. All déi aner presséiert Chauffere sinn d'Grand-Rue erofgefuer.

Déi komplett Auswäertung vum Mount Februar gëtt un d'Police virugeleet.

2. Mäerz

Ënnert den iwwer **35.000 Visiteuren** beim "Festival des migrations, des cultures et de la citoyenneté", dem "Salon du livre et des cultures" an "ARTSmanif – rencontres des cultures et des arts contemporains" an der Luxexpo um Kierchbierg waren och 32 Beeforter.

Si si mam Bus dohinner gefuer an den Tour gouf vun der berodender Kommissioun vun der Integratioun vun der Gemeng Beefort organiséiert. Am Bus waren nieft Beeforter och Fraen, déi wéinst Krich a Gewalt hiert Heemechtsland hu misste verloossen.



Gastronomie, Musek, Ausstellungen, Virträg, Konscht a Literatur sinn nëmmen e puer Themen erausgepickt, déi ugebuede goufen an alleng beim "Festival des migrations, des cultures et de la citoyenneté" waren eng 400 Stänn a beim Bicher- a Kultursalon eng 150 Exposanten vertrueden. Während e puer Stonnen an de Foireshale konnt jidderee säin eegenen Tour ronderëm d'Welt maachen a schmaachen.







3. Mäerz

Mat enger Gedenkminutt un de kierzlech verstuerwene Marcel Juchemes huet d'Generalversammlung vun de **Wanderfrënn Beefort** am Kummelsbau ugefaangen. De Marcel Juchmes war während iwwer 30 Joer am Veräin an dovun 23 Joer laang als Caissier.

Uschléissend ass de President Pol Lamar op d'Aktivitéiten agaangen an do stiechen natierlech d'Päischtwanderungen ervir. Am Verglach mat 2017 sinn 2018 eng 100 Wanderer méi op Beefort komm. Am Ganze goufen 2.112 Wanderer gezielt. Samschdeg hunn 38 Leit gehollef a méindes konnt de Veräin op 40 Fräiwëlleger zielen. Ënnerstëtzung koum och vun aner Veräiner an dat haaptsächlech aus der Fiels a Veianen. Des Weidere gouf am September eng Rees op Annecy ënnerholl.

D'Wanderfrënn Beefort zielen 38 Memberen an eng zéng bis zwielef Leit huelen de Weekender un de verschidde Wanderungen uechter d'Land deel. Heinsdo si manner Memberen ënnerwee an heinsdo och méi. De Maximum gouf mat 20 Leit erreecht.

De Steve Dupont ass op de permanente Wanderwee P20 agaangen. Dësen ustrengende Wee vun zwielef Kilometer ass am Wanderwee B1 integréiert a geet vum Parking beim Schlass fort. Hie féiert laanscht Klaisgen-Kapell an d'Fielslandschaft vum Herkuleskapp. Duerno geet et weider duerch d'Naturbëschreservat Saueruecht an zréck geet et duerch d'Halerbaach an d'Haupeschbaach bis zum Parking. 320 Leit sinn d'lescht Joer dëse Wee marschéiert. Duerch d'Onwiederen am Juni war dëse Wee während zwee Méint zou. Fir dëst Joer hofft een d'Zuel vu 500 Leit ze erreechen.

Dank dem Succès vun de Päischtwanderungen konnt d'Joer mat engem Boni ofgeschloss ginn. A senger



Funktioun als Sekretär ass de Ralph Berkes op d'Resultater vun den eenzelne Wanderer agaangen. 2010 gouf fir déi leschte Kéier de Membersbäitrag erhéicht. Fir déi gestiege Käschten am Laf vun de leschte Joren ze decken a fir net un d'Reserven ze goen huet d'Versammlung eestëmmeg beschloss de Bäitrag op zwielef Euro ze erhéichen. Am Laf vun der Versammlung sinn de Gilbert Alf fir 400 Wanderungen, Camille an Hanny Mathes fir 1000 Wanderunge geéiert ginn.

D'Päischtwanderunge sinn dëst Joer den 8. an 10. Juni an et gouf elo schonns een Opruff gemeet fir genuch Fräiwëlleger ze hunn. Virbereedunge fänke schonns méindes virum Weekend un. D'nächst Joer feiert de Veräin seng 35 Joer an et gi sech sou lues Gedanke gemeet wéi een dëse Jubiläum ka feieren. Des Weidere soll ee sech och Gedanke maache wat de Comité ubelaangt. Fënnef Leit sinn austriedend an och wielbar.

Zum Schluss huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann nach déi beschte Gléckwënsch iwwerbruecht an un d'Leeschtunge vum Wanderveräin erënnert. D'Päischtwanderunge sinn een Aushängeschëld vu Beefort.

De Comité setzt sech zesummen aus Pol Lamar (President), Camille Mathes (Vizepresident), Ralph Berkes (Sekretär), Steve Dupont (Caissier) an Ursula Berkes, Anita Berkes an Nancy Dupont.





















13. Mäerz

Mat enger Gedenkminutt un de Will Ludewig huet d'Generalversammlung vum **Syndicat d'initiative et du tourisme** (SITB) ugefaangen an no der Begréissung gouf den Tätegkeetsbericht virgedroen. De Comité huet sech siwe Mol gesinn an de Comité restreint 17 Mol. Vertrieder vum Syndicat woren op de verschiddene Generalversammlunge vertrueden an hu sech och u Seminaire a Workshops bedeelegt.

Am Laf vum Joer gouf et zwee manner schéi Momenter: De 6. Mee gouf agebrach an am Juni hunn d'Iwwerschwemmunge fir ee grousse Schued un de Wanderweeër gesuergt. Betraff waren néng vun 13 Strecken. Positiv an Erënnerung si bliwwen déi komplett Renovatioun vum Bloc sanitaire 1 mat enger Salle de séjour, dat neit Tipiduerf mat dräi kleng a véier grouss Tipien an d'Visite vum Gemengerot. Beandrockend wor zudeem d'"Dinner on Ice" vun de "Sources Rosport". Zu de weideren Aktivitéite gehéieren d'Grouss Botz mat bal 60 Leit, de Blummemaart, de Rassemblement des Beaufort, den Agility-Tournéier, ee Point presse mat der Staatssekretärin Francine Closener, de Responsabele vun der Police-Schoul an der Administration de la nature et des forêts (Police-Schüler hunn de Wee laanscht d'Halerbaach rëm opgebaut), d'Indianerfest am Tipiduerf, de Summermaart, de klenge Kiermesmaart, d'Ice-Skating-Show vu Metz an den Ofschloss vun de Schlittschongcoursen mat 109 Participanten.

D'Investitioune sinn och dëst Joer weider gaangen. An der Schwämm goufen nei Pompelen, nei Filteren an eng nei Statioun fir Analysen an d'Doséierung vum Chlor installéiert an den Iwwerlafkanal a Stand gesat. Um Camping goufen d'Beem geschnidden (zweet Phase), d'Weeër amenagéiert, nei elektresch Schief installéiert an d'Entrée vum Camping mat neie Blumme verschéinert. Och dëst Joer goufe rëm nei Schlittschong kaaft. Ee VW Caddy, ee klenge multifunktionelle Trakter, eng Méimaschinn an een Ausa-Unimog goufen ugeschaaft. Finaliséiert gouf och de globale Projet "Patinoire Beaufort 6919" an d'Aarbechten hunn an der Tëschenzäit ugefaangen. Dëse Projet, deen a verschidde Phase soll realiséiert ginn, kascht ronn néng Milliounen Euro. Dozou zielen nei Vestiairen fir den Äishockey an den Icekarting, Vestiaire fir de Public, eng Keess mat Locatioun vu Schlittschong, eng Buvette, ee multifunktionelle Sall, Integratioun vum sanitäre Block fir de Camping an een Neibau fir d'Büroen fir de SITB, Receptioun fir de Camping, Informatiounsbüro an ee technescht Lokal.

Eng Präsenz op der Foire Top Kids, Flyeren an Annoncen gehéieren zu de Marketing-Aktivitéite vum SITB an am Kader vum Leader-Projet "Tourist Info 2.0" goufen nei Produiten entwéckelt.

De ganz gudde Summer spigelt sech an de Statistiken erëm. Sou goufen um Camping 6.144 Arrivéeë gezielt an och d'Zuel vun de Participanten ass ëm 62,06 Prozent an d'Luucht gaangen: vu 593 op 961. Fir déi zweete Kéier zanter dem Joer 2000 goufen an der Schwämm iwwer 20.000 Entréeë gezielt an zwar 21.124. Bedéngt duerch eng méi kuerz Saison vun der Äispist goufen am Ganze 25.203 Entréeë gezielt. Ee Minus vun 3,13 Prozent.



Ënnert dem Stréch bleift um finanzielle Plang ee Boni vun 43.825,93 Euro. Dee setzt sech zesummen aus der Perte vun der Schwämm an Héicht vun 22.392,50 Euro, Äispist Perte vun 1.377,68 Euro, Camping Boni vun 111.203,06 Euro an Administration générale Perte vun 43.606,95 Euro.

Aktuell leeft déi éischt Phase vum Projet "Patinoire Beaufort 6919", dee viraussiichtlech 1.964.980,82 Euro kascht. Dozou zielen d'Vestiairen a Raimlechkeete fir den Äishockey, Vestiaire fir den Icekarting, Schoulklassen a Gruppen a sanitäre Block Nummer 4 fir de Camping Plage. Um Camping ginn déi dräi Wanderhütten komplett renovéiert, et sinn nei Plantatioune virgesinn an déi Klassifikatioun vun de Campinger steet um Programm. Heifir si 45.000 Euro ageplangt. Ee gréissere Projet ass de sanitäre Block 2. De Reamenagement mat der Créatioun vu véier Gîtes wäerten 1.487.370,66 Euro kaschten.

Fir de Voile fir de Kannerbaséng, nei Clôturen, neien Drot an d'Installatioun vun enger Heizung sinn 68.000 Euro virgesinn a fir de komplette Reamenagement vun de Büroen mat neie Miwwelen nach eng Kéier 29.000 Euro. De Marketing huet ee Budget vun 20.000 Euro.

De Comité setzt sech aus folgende Leit zesummen: Françoise Bonert (Presidentin a Sekretärin), Camille Hoffmann (Keessier), René Champagne, Nancy Dupont-Courtois, Alphons Haaker, Jacqueline Kuijpers-Fisch, Jean-Paul Post, Jos Scholtes, Emile Wies (Memberen) a John Stirn (Vertrieder vun der Gemeng).

Folgend Manifestatioune sinn 2019 geplangt: Grouss Botz, Blummemaart (11. Mee), Grillparty um Camping (17. Mee), Ouverture vun der Piscine (18. Mee), am Juli an August Concerten an Animatioun um Camping, Indianerfest am Tipiduerf (25. Juli), Summermaart (11. August), Kiermesmaart (29. September) an d'Ouverture vun der Äispist (26. Oktober). E Freideg, den 8. November, ass d'50-Joer-Feier vun der Äispist an ee Festprogramm gëtt nach ausgeschafft.

23. März

In Befort wurden **elf Kräuterpädagoginnen** der Gundermann-Naturerlebnisschule zertifiziert, die nun in Zukunft den Wissensschatz der traditionellen und modernen Kräuterkunde vermitteln, an Schulen, in Einrichtungen im Tourismus usw. Das Ziel für alle ist ein schonender nachhaltiger Umgang mit der Natur.

Wildnis begreifen und greifbar machen, das werden die Kräuterpädagogen in Luxemburg zukünftig in Seminaren und Fortbildungen für jeden Interessierten, für jede Altersgruppe anbieten. Der Zertifikatslehrgang läuft seit 2016 in Partnerschaft mit der Gemeinde Befort und dem Natur- und Geopark Mëllerdall. Der neue Zertifikatslehrgang Kräuterpädagoge beginnt in Befort im Mai 2019.

Weitere Informationen sind erhältlich unter der Seite www.gundermannschule.com.



24. Mäerz

Während fënnef Owender hunn d'**Theaterfrënn Beefort d'Stéck "Den Idiotendinner"** gespillt. Dëst Theaterstéck an zwee Akten vum Francis Veber gouf vum Guy Voncken a Renée Schill op lëtzebuergesch verfaasst.

De Verleeër Pierre Gloden a seng Frënn hunn een extravaganten Hobby. All Woch organiséiere si een Owesiessen mat dem jiddereen ofwiesselnd ee besonnesche Gaascht (een absolute Volltrottel) matbréngt, deen dann als "Spënner vum Owend" gewielt gëtt. D'Idiote selwer wëssen natierlech net, firwat si ausgewielt goufen.

Mam Finanzbeamten Albert Becker mengt de Pierre ee ganz besonnesche Glécksgréff gemeet ze hunn. De Pierre huet sech allerdéngs een Hexeschoss gefaangen an den Owend fält an d'Waasser. Allerdéngs kënnt den Albert Becker ewéi ofgemeet bei de Pierre Heem fir op d'Owesiessen ze goen an d'Ongléck hëlt säi Laf...

Ënnert der Regie vum Eric Feront hu folgend Acteure gespillt: Patrick Goetzinger (Pierre Gloden), Dario Ballanti (Albert Becker), Yves Dostert (Juste Lambert), Josy Lenertz (Lucien Bock), Jenny Kiessling (Marlène Cousine), Kristin Sackmann (Christine Gloden), Ben Wagener (Dr Schumann) an de Jean-Luc Nosbusch (Lambretta um Telefon). Zoustänneg fir d'Bühn an den Décor waren d'Sonja Goetzinger a Christian Linares.

E puer Andréck vum leschten Theaterweekend agefaange vum Margot Flammang.














28. Mäerz

D'**Déckkäpp vun RTL** ware rëm op Besuch zu Beefort. Am Kummelsbau hu se hir Show ofgezunn an d'Leit zum Laache bruecht. Organiséiert gouf dat Ganzt vun de Beeforter Spuerfrënn. André Weber, René Huss, Henri Scholtes, Jeannot Conter, Rosi Lehmann Rosi, Rolli Steinfort, Claude Juchem, Roland Kalte, Sully Prud'homme, Rom Thielen a Jos Minnemeister hunn dofir gesuergt, datt keen Aan dreche bliwwen ass an, datt de ganzen Owend d'Leit lëschteg ënnerhale goufen.

E puer Andréck vum Owend mat Fotoe vun RTL.











30. Mäerz

Ronn 60 Leit hu sech un der dësjäreger "**Grouss Botz**" bedeelegt, déi vum "Syndicat d'initiative et du tourisme" zesumme mat de Veräiner organiséiert gouf. Zum Schluss vun der Aktioun gouf nach eppes géint den Honger an den Duuscht gemeet.



31. Mäerz

De **Judoclub** huet op säin traditionellen Danznomëtteg agelueden. Am Kummelsbau gouf op d'Musek vum Orchester "Los Amigos" gedanzt. Tëschent dem Danze konnte sech d'Leit mat Bréidercher a Gedrénks souwéi Kaffi a Kuch stäerken an e puer flott Stonne verbréngen.

Den Hubert Sauber war net nëmmen op der Danzpist mais och mam Fotoapparat ënnerwee.









D' HEINZELMÄNNERCHER

Äre Service de Proximité

offre spéciale printemps | *Frühjahrs-sonderangebot*

Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.

Dengschtleeschter vu klengen Arbechte fir eeler Leit oder Hëllefsbedierfteger.

DEMANDEZ-NOUS:

Travaux de jardinage:
Préparation de la terre, plantation du potager, entretien de la pelouse, débroussaillage, taille des haies, etc.

Nettoyage de printemps:
Entretien intérieur et extérieur de votre maison, réparations, nettoyage haute pression, peinture, etc.

FRAGEN SIE UNS:

Gartenarbeiten:
Vorbereiten des Bodens, Anpflanzen von Gemüse, Rasenpflege, Unkrautjäten, Heckenschneiden etc.

Frühjahrsputz:
Instandhaltung Ihres Hauses von innen und außen, Hochdruckreinigung, Reparaturen, Malerarbeiten, etc.



TARIF TTC I incl. MwSt: 14€/h /salarié/ St. / Mitarbeiter
4€/h / machine / St. / Maschine

TÉL.: 28 80 80

8, an der Laach I L-6550 Berdorf
mellerdall@cig.lu I **mellerdall.cig.lu**

ADMINISTRATION COMMUNALE DE BEAUFORT

9, rue de l'Eglise
L-6315 Beaufort
Tel. 83 60 45 – 1

méindes, dënschdes a freides: 8.30 – 12.00 / 14.00 – 16.30
mëttwochs: 8.30 – 12.00 / 14.00 – 20.00
donneschdes: 8.30 – 12.00

Sekretariat
Georges Rischette: 83 60 45 – 22
Tessy Pena: 83 60 45 – 26

Kommunikatioun
Jos. Nerancic: 83 60 45 – 30

Service technique
Marc Rodesch: 83 60 45 – 29
Claire Picard: 83 60 45 – 27
Jean-Paul Genson: 83 60 45 – 25 / 621 266 581
Hubert Sauber: 83 60 45 – 28

Etat civil & indigénat
Mike Hertges: 83 60 45 – 23

Recette
Sonja Fetler: 83 60 45 – 24 (dënschdesmëttes zou)

Populatiounsbüro
Sandra Breser-Michels: 83 60 45 – 20
Eliane Donven-Seiwert: 83 60 45 – 20 (mëttwochs, donneschdes a freides)



Erlebnis-Freibad Beaufort

SAISON 2019

18.05.19 bis 30.06.19
19.08.19 bis 01.09.19
täglich von 13:00 bis 19:00 Uhr

01.07.19 bis 18.08.19
täglich von 10:00 bis 19:00 Uhr

Kinder (3-14 J.)
3,00 €
.....
Erwachsene:
5,00 €



WWW.GAM.LU

S. I. T. Beaufort Dillingen - Grundhof

Syndicat d'Initiative et du Tourisme Beaufort
87, Grand-Rue | L-6310 Beaufort | Tél. : +352 83 60 99-300
www.campingplage.lu · www. visitbeaufort.lu